



**Äntwert vun der Madamm Sam Tanson, Ministesch fir Justiz, op d'parlamentaresch Ufro
n° 5554 vum 21. Januar 2022 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER**

Ad Fro 1) : Zënter dem Akraafttriede vum Reglement iwwert den Europäesche Parquet („EPPO“) den 20. November 2017, huet d'Regierung sech ëmmer dofir agesat fir dass dës nei onofhängeg Ariichtung vun der Europäescher Union an de beschtméigleche Konditiounen hei zu Lëtzebuerg konnt operationell ginn. Et muss ee wëssen, dass den EPPO nieft dem zentrale Niveau, dat heescht dem Siège hei um Kierchbierg, vu wou aus d'Cheffin vum EPPO, di 22 europäesch Procureuren an dat administratiivt Personal schaffen, et en dezentralen Niveau gëtt vu wou aus déi sougenannt "Procureurs européens délégués" an hire jeeweilege Länner schaffen. Op Entscheedung vun der Europäescher Kommissioun, esou wéi et am Reglement vun 2017 virgesinn ass, huet den EPPO den 1. Juni 2021 mat sengen Ermittlungs- a Poursuitemissiounen ugefaangen. Den operationelle Kader hei zu Lëtzebuerg fir eis 2 "Procureurs européens délégués" ass schonn duerch e Gesetz vum 31. Mäerz 2021 gesat ginn, wat op dem Gesetzesprojet n° 7760 baséiert. Domat ass och déi néideg Onofhängegkeet garantéiert gi par rapport zu de nationalen Justizautoritéiten. Et stëmmt, dass de Gesetzesprojet n° 7759 de Moment nach an der legislativer Prozedur ass, a wou sech den Avis vum Staatsrot zu enger éischter Serie Amendementer, aktuell erwaart gëtt. Lëtzebuerg schafft an deem Zesammenhang mat der Europäescher Kommissioun zesummen, an et fënnt e reegelméisseg Austausch betreffend den nationalen Gesetzesprojet statt. Et ass net ugeduecht dass d'Regierung un den EPPO eruntrëtt, dëst ëmsou méi well déi national legislativ Prozedur de Moment nach amgaangen ass.

Ad Fro 2) : Den 1. Juni 2021 huet den EPPO mat sengen Ermittlungs- a Poursuitemissiounen ugefaangen. An deene verschiddene Memberlänner vum EPPO sinn zënterhier eng Rei Dossier'en opgemaach ginn, an et steet der Regierung net zou, d'Aarbecht vun dëser onofhängeger Ariichtung ze kommentéieren.

Ad Fro 3) : Souwéi aus den Äntwerten op déi 1. an 2. Fro ervir geet, huet Lëtzebuerg dem EPPO ëmmer all Ënnerstëtzung ginn fir dass den EPPO de néidege Kader huet fir als onofhängeg Ariichtung hei zu Lëtzebuerg kënnen operationell ze sinn. D'Zesummenaarbecht bei der mise en place ass exzellent verlaf. Den EPPO huet d'Vetraue vun der Regierung wat d'Ausübe vu senger Missiounen ubelaangt an d'Zesummenaarbecht am Respekt vun der Gewaltentrennung ass och weiderhin zougeséichert.

Lëtzebuerg, den 24 Februar 2022.

D' Ministre de la Justice

(s.) Sam Tanson